**Dezember 2023**
Koplescht - Briddel

Bericht
Schäfferots-Erklärung
Koalitiounsaccord
2023-2029

# KoBri



Koplescht
Briddel

# SCHÄFFEROTS-ERKLÄRUNG 2023-2029

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen – a Gemengerot,

Et ass schonns e bësselche speziell, fir eng Schäfferots-Erklärung genee 2 Deeg no enger Chambers-Wal ofzeginn - esou munches, wat an de nächste 6 Joer an dëser Gemeng wäert geschéien – oder net -, hänkt vun der nächster Regierung an hiren Prioritéiten an Decisiounen of.

Ech ginn elo net am Detail op all déi Bau-Projeten an, déi schonns gestëmmt gi sinn an am Bau resp. um Instanzewee sinn, oder déi an onse respektive Walprogrammer ze fanne sinn. Loosst mech awer speziell ons Schoul-Infrastruktur ernimmen, wou, wéi d'Entwécklung vun de leschten 18 Méint et weist, dréngenden Handlungsbedarf besteet. Säit Mäerz 2022 ass ons Schoulpopulatioun vun ongeféier 260 op elo 342 Kanner gewuess – e Plus vun iwwer 30%. An nach sinn net all d'Haiser vum Fonds de Logement besat! Der Regierung hir Decisioun, alles an der non-formaler Bildung gratis ze maachen, féiert zousätzlech duerzou, dass de Bedarf u Platz an der MRE an an der Museksschoul weiderhi klëmmt.

Laangfristeg huet dës Gemeng - och ouni Erweiderung vum Bauperimeter, dee verschidde Leit gefrot haten - e Potential vun ongeféier 6.000 Awunner. Et ass ons Flicht - gouverner, c'est prévoir -, ons dorobber virzebereeden.

Onofhängeg awer vun allem, waat op Regierungs-Niveau geschitt, géif ech awer gären ons „Guiding Lines" fir déi nächst 6 Joer mat 6 Stéchwierder skizzéieren (d'Reiefolleg spillt keng Roll!):

## 1. ZESUMMEN.

An de Walprogrammer vun der Majoritéit stinn iwwer 100 verschidden Projeten oder Ureegungen – ech sinn net hei, fir se wéi eng Litanei opzezielen. Awer gutt Iddien hu keng Faarf, a keng Gruppéierung oder Partei huet de Monopol vun der Intelligenz. Ech sinn duerfir frou, dass engersäits hei am Gemegerot Leit mat Erfarung a Geschichtskenntnis dobäi sinn, fir ons opzeklären, firwat verschidde Saache geschitt sinn - oder net, an anerersäits nei Leit heibanne sinn, déi nei Iddien a Visioune matbréngen. Ech wënsche mir, dass mir an der Traditioun vun den 2 leschte Gemengeréit alleguer – ouni „politique politicienne"- am Interessi vun onse Matbierger - déi, déi ons gewielt hunn, an och déi aner - respektvoll a fair zesumme diskutéieren, schaffen a laache kennen, an dës Gemeng weiderbrengen.

## 2. FINANZIELL RESPONSABEL.

Op ons kommen - notamment aus de Grënn, déi ech an der Aleedung genannt hun, awer och, well d'Besoine vun onsen Awunner evoluéieren - eng ganz Rëtsch Ausgaben duer. A well mir hei keng héichprofitabel Entreprise (à la SES) a keng lukrative „zone d'activités" hunn, déi den „Impôt Commercial Communal" spruddele loossen, hänken ons Recetten quasi zu 100% vum Staat of – engersäits duerch d'Dotation Communale, an anerersäits duerch d'Subsiden, déi de Staat bei de verschiddene Projete bäisteiert. Mir wëlle weder onse Nofollger en oniwwerbléckbaren an oniwwerbréckbare Scholdebierg hannerloossen, nach massiv d'Taxen an d'Steieren eropsetzen (awer no méi wéi 12 Joer ouni Changement wäerte mir beim Waasserpräis a bei de Poubelles-Taxen net derlaanscht kommen). Wat mir also déi nächst 6 Joer hei realiséiere kennen, hänkt (awer net nëmme finanziell) vum Staat of. Mir wäerten Onst duerch eng prudent Budgets-a Personalpolitik duerzou bäidroen.

## 3. SOZIAL.

Mir sinn laut STATEC eng vunn den „deierste" Gemengen am Land, an och eng, wou den Ecart vum Akommes tëscht dem niddregsten an dem héichsten Zengtel am gréissten ass. Hei wunnen also vill Leit, deenen et finanziell gutt geet - awer och där Anerer. A fir déi Leit si mir och responsabel - et ass net, well een an enger sougenannter „räicher" „ Gemeng lieft, dass ee net emol Hëllef brauch. Mir wäerten duerfir och weiderhin am Budget Hëllefe virgesi fir déi Leit a Familljen, déi se brauchen. Koplescht däerf keng „Schicki-Micki-Gemeng" ginn, wou just nach Millionäre wunne kennen. Mir wäerten duerfir och Suen an de Soziale Wunnengsbau stiechen, mat engem besonneschen Akzent op Jonker aus eiser Gemeng.

## 4. INKLUSIV.

Hei an der Gemeng wunne Leit mat iwwert 90 verschidden Nationalitéiten - an d'Lëtzebuerger sinn an der Minoritéit. D'Gemeng awer gehéiert ALL onsen Awunner, egal wéi e Pass, wéi eng Hautfaarf, Relioun, sexuell Orientéierung, wéi en Alter oder sozialen Niveau se hunn. Sie sollen sech hei alleguer Wëllkomm fillen, an hiert Liewe féiere kennen, esou wéi sie et wëllen (an esou laang se sech u verschidde Basis-Behuelen halen). Ons Roll als Gemeng an hiere Kommissiounen ass et, dorunner ze schaffen, dass all déi Leit och mateneen an net nëmmen niefteneen liewen. Mir wäerten duerfir weider an Events, Manifestatiounen, Offer u Coursen an Atelieren, an d'Kommunikatioun, awer och an ons Veräiner an d'Infrastrukturen, déi se brauchen, investéieren.

## 5. LIEWENSQUALITÉIT.

Net ëmsoss gehéieren ons Uertschaften zu den deierste Platzen, wou een hei am Land wunne kann. Zentral an awer no beim Bësch, vill Eefamilljenhaiser, roueg a sécher Quartieren (ausser der N12 natierlech) - do wunnt et sech gutt. Awer net alles ass roseg: D'Präisser vun de Wunnengen hun Héichten erreecht, déi et ville Mënschen a besonnescht jonke Leit net méi erlaben, hei ze liewen. Dobäi kennt, dass mir zu Lëtzebuerg eng Wunnengsnout hunn an d'Regierung drop dréckt, fir méi héich a méi dicht ze bauen - duerfir maache mir och, wéi praktesch all Gemeng am Land, beim „Pacte Logement 2.0" mat. Wéi schwiereg et awer ass, de Balance-Akt tëscht deene verschiddenen Interessen ze realiséieren, gesäit sech an der Problematik vum PAG. Vill Awunner hunn den 11. Juni hier Suerg ausgedréckt iwwert „ze vill an ze héich Bauen" a mir kennen dat net ignoréieren. Et ass elo ons Responsabilitéit, fir dee beschte Kompromëss tëscht all de Standpunkten ze fannen, och wann et onméiglech wäert sinn, hei all Mënsch zefridden ze stellen.

Liewensqualitéit ass awer net nëmmen eng Fro vun „PAG" oder Bauen. Vill aner

Komponenten droen duerzou bäi, ob a wéi wuel ons Awunner sech hei fillen - a déi Komponenten hu net fir all Mënsch déi selwecht Gewiichtung: fir al oder krank Leit ass et d'Proximitéit vu medezinescher Infrastruktur oder vu Geschäfter. Fir jonk Familljen ass et d'Offer vu Schoul, MRE, Jugendhaus. Fir anerer sinn et Restauranten, oder Gemengeservicer, oder Veräinsliewen, oder oder oder. Fir ganz vill ass et de Verkéier - eben d'N12, an a klengerem Mooss, den CR 101, déi ons Dierfer praktesch an 2 splécken. 26.000 Autoen pro Dag - a keng richteg Léisung am PNM2035. Et gëtt kaum nach „Commerces de Proximité" – fir alles muss ee mam Auto éierens aneschters hifueren. Den ëffetleche Transport ass zwar verbessert ginn - notamment duerch d'Linn 850, fir déi mir ons laang agesat hunn - awer nach laang net perfekt. Mir sinn - trotz allen Ustrengunge, déi mir schonns säit Joren ënnerhuelen - inklusiv mäi Virgänger, deen hei sëtzt – awer nach ëmmer net un d'Vëlosnetz ugebonnen. Ons feelen „Naherholungs-infrastrukturen", wou Familljen sech treffen kennen.

Un all deene Punkte bleiwe mir drun awer mir mussen onsen Awunner nach besser a méi transparent kommunizéieren – och iwwert „Social Media" -, waat mir an hierem Interessi alles ënnerhuelen – och wann ons Aktiounen keen direkten Impakt hunn.

## 6. ËMWELT.

En indianescht Spréchwuert seet: Dir hutt dës Welt net vun ären Eltere geierft - Dir hutt se vun äre Kanner geléint. Och déi zukünfteg Generatioune musse gutt a sécher, ouni Iwwerschwemmungen oder Bullislawinen, mat enger propperer Loft a vill Grénges hei liewe kennen. De Klimawandel ass definitiv och bei ons ukomm an duerfir droe mir gären Onst duerzou bäi, onsen ekologesche Foussofdrock ze reduzéieren. Klimapakt, Klimabündnis, Naturpakt, aktiv Zesummenaarbecht mam Sicona, Fairtrade, Investitioun an ons Bëscher, ekologesch Subsiden, Elektrifizéierung vun onsem Fuerpark, Réckbau vun de Schottergäert asw. ginn developpéiert. E besonnescht Uleies wäerten hei den Duerfkär vu Koplescht mat enger Renaturéierung vun der Mamer, a vum Briddel sinn. D'Biergerbedeelegungen hu vill flott Iddien ervierbruecht, déi mir als Gemengerot elo mat op de Wee kritt hunn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

dir waart warscheinlech emol an engem Zirkus an hutt do e Clown gesinn, deen Telleren op Staangen dréie gelooss huet an huet misste wéi e Spëtzbouf oppassen, dass keen erof fält. Eng Gemeng ze féieren ass och esou en Exercice. Net well de Buergermeeschter e Clown soll sinn, awer well mir alleguer hei ganz vill verschidde Facteuren am A musse behalen. Mir geréieren e prekäert Gläichgewiicht tëscht villfältegen an heiansdo kontradiktoreschen Erwaardunge vun onsen Awunner - aktuell an zukünfteg -, Regierung a Verwaltungen, Gesetzer a Reegelungen, Finanzen, Naturschutz, Mataarbechter, asw. asw. Et ass e Benevolat, op dat Dir iech agelooss hutt, a wou Dir munch Kriticken awer wéineg Mercië kréie wäert. Loosst iech awer dovunner net ënnerkréien.

Ech freeë mech op ons nächst 6 Joer zesummen!

Fir de Schäfferot
Thierry Shuman, Buergermeeschter
*Koplescht, den 10. Oktober 2023*

# KOALITIOUNSACCORD 2023-2029

## A. NEI DUERFGESTALTUNG A KOMMODITÉITEN

1. Mir schaffe weider um Duerfkär vu Koplescht. 1.1 Mir setzen de Masterplang vum Kopleschter Duerfkär ëm. Dëse Plang dréit de Resultater vun der Biergerbedeelegung zu Koplescht Rechnung. 1.2 Mir plangen a bauen e.a. den neie Wirtspesch. 1.3 Do soll och eng Plaz entstoen, wou ee Loscht huet, sech opzehalen an eppes ze iessen, drénken oder e Buch ze liesen. 1.4 Mir bauen e Bypass vun der Mamer am Zentrum vu Koplescht. Am Fall vun extremem Héichwaasser soll den Niveau vun der Strooss doduerch net méi iwwerschratt ginn. 1.5 Mir gesinn zu Koplescht eng bioregional Automatenepicerie vir, déi 24/24 a 7/7 ophuet. 1.6 Zu Koplescht gëtt d'Vergréisserung vun der Gemengeverwaltung mat de Büroe fir de techneschen Déngscht nieft dem aktuelle Gemengenhaus geplangt. 1.7 Am Haus Gewelinger (fréiere Biergerzenter zu Koplescht) gesi mir eng Maison médicale oder Sozialwunnenge vir.

2. Mir entwéckelen e Masterplang fir den Duerfkär um Briddel. 2.1 Mir bauen d'Servicer vum Biergerzenter um Briddel weider aus. 2.2 Mir bidde spezifesch Servicer an onser gemengeneegener Conciergerie un (z.B. Botzerei a Retuschen, Schouster, Pneueservice, technesch Kontroll, Autowäsch, Parfümerie, Commandë vu Blummen a Billjeeë fir Concerten an aner Aktivitéiten, klenge Buttek), wou och d'Post e Kiosk bedreift (z.B. Courrier, Verschécke vu Bréiwer a Päck, Drock vun Timberen, Ofhuele vu Päck). 2.3 Mir entwéckelen e Konzept vun enger "Briddeler Maarthal" am neie Gebai vun der Stugalux. Hei soll een Exploitant en Delikatessebuttek mat klenger Restauratioun bedreiwen (ouni Kichen op der Plaz) an och Plaz fir ëffentlech Servicer a Manifestatiounen am Kultur- a Fräizäitberäich entstoen.

3. Mir setzen ons am Kader vum Pakt Logement weider fir 3.1 d'Schafe vun erschwénglechem Wunnengsbau esou 3.2 wéi d'Erhalen an 3.3 d'Fërdere vu Wunnqualitéit bis 2032 an.

4. Mir bauen d'Sportsinfrastrukturen zu Koplescht an um Briddel weider aus. 4.1 Mir plangen eng nei Tennishal, déi och fir aner Sportaarte gebraucht ka ginn (z.B. Pilates, Fitness, Yoga, Turnen, etc.). 4.2 Mir renovéieren a vergréisseren de Petanqueterrain um Briddel. 4.3 Mir plangen e Beachvolleyballterrain zu Koplescht beim Fussballterrain. 4.4 Mir setzen eng Statioun fir Vëloen ze wäschen an ze flécke bei de Fräiheetsbam op Koplescht an eng bei de Kierfecht op de Briddel. 4.5 Mir entwerfen en neit Konzept fir d'Sportinfrastrukturen zu Koplescht ronderëm de Fussballterrain. 4.6 Mir plangen e klengt Parkhaus mat 2 Stäck nieft dem Fussballterrain zu Koplescht. Op den Daach kënnt eng nei Buvette mat de Vestiairen an Dusche fir d'Spiller.

5. 5.1 Zesumme mam INPA (Institut National pour le Patrimoine Architectural) plange mir weiderhin d'Renovatiounsaarbechte vun onsen zwou national geschützte Kierchen. 5.2 Mir bauen déi nei Morgue um Briddel a renovéieren de Kierfecht zu Koplescht. 5.3 Wann de Bistum déi Koplescher Kierch desakraliséiere wëll (d'Initiativ geet net vun der Gemeng aus), wäerte mir ons dofir asetzen, datt d'Gebai renovéiert an an Zukunft mam néidege Respekt anescht genotzt ka ginn.

6. Mir ginn den neien allgemenge Bebauungsplang (PAG) an den 2. Vott vum Gemengerot a probéieren heibäi, de Remarke vun all onse Bierger esouwäit ewéi méiglech Rechnung ze droen. Heibäi ass et wichteg, dee richtege Mix ze fannen tëschent Wunnqualitéit, abordablem Wunnengsbau, Geschäfter an anere Kommoditéiten, Mobilitéit a Respekt vun der Natur. De PAG soll dee richtege Kader bidde fir ons Liewensqualitéit an Zukunft ze erhalen.

7. Mir bauen den neie Gemengenatelier an der Rue des Champs.

## B. MOBILITÉIT A VERKÉIERSSÉCHERHEET

1. Mir wëlle méi Mobilitéit fir jiddereen, dofir sichen a realiséiere mir weiderhi Léisungen zum Thema Mobilitéit a Verkéierssécherheet: 1.1 Allgemeng Reduktioun vun auswäertegem Trafic an de Quartieren, 1.2 méi duuss Mobilitéit an der Gemeng, 1.3 méi Sécherheet fir Foussgänger a Vëlosfuerer, 1.4 méi Confort fir Mënsche mat reduzéierter Mobilitéit. 1.5 Mir passen d'Offer vum Ruffbus weider un – an aus, wann et muss sinn.

2. 2.1 Fir d'Sécherheet vun de Kanner ze garantéieren, musse mir de mobiliséierten Individualverkéier bei der Schoul reduzéieren. 2.2 Dofir baue mir de "séchere Schoulwee" fir Kanner aus, déi ze Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul kommen. 2.3 Dat gëllt och fir der Gemeng hire Schoultransport mam Bus. 2.4 Den Iwwergang vun der N12 gëtt weiderhin virum Schoulbetrib um 8h00 vun zwee Gemengenaarbechter iwwerwaacht. 2.5 Mir entwéckelen e separat Verkéierskonzept fir de Schoulcampus um Briddel.

3. 3.1 Mir reduzéieren den Duerchgangsverkéier an onse Quartieren. 3.2 Mir berouegen de Verkéier um Terrain vun onser Gemeng. 3.3 Mir setzen ons weider fir eng Tempo-30-Zon am Duerfkär vu Koplescht (N12, CR101) 3.4 an um Briddel (N12) an. 3.5 Mir setze modal Filteren op bestëmmte Plazen an, fir de Verkéier besser ze kontrolléieren an ze steieren. 3.6 Mir setzen zousätzlech verkéiersberouegend Mesuren an der Mamerstrooss, Sëllerstrooss a Mierscherstrooss ëm. 3.7 Mir verhënneren all Méiglechkeete fir Ofkierzungen vu Koplescht op de Briddel iwwer d'Niewestroossen ze huelen an ëmgedréint.

4. 4.1 Mir zeechne Vëlosweeër do an onser Gemeng an, wou et méiglech a sënnvoll ass. 4.2 Mir setzen ons weiderhi bei den zoustännegen Autoritéiten dofir an, datt ons Gemeng un den nationale Vëlosreseau ugebonne gëtt, z.B. 4.2.1 Ubannung Briddel - PC15 (Bäreldeng - Ettelbréck), 4.2.2 Ubannung Briddel - PC1 (Schläif ronderëm d'Stad Lëtzebuerg), 4.2.3 Ubannung Koplescht - PC14 (Mamer - Miersch), 4.2.4 Ubannung Koplescht - Briddel. 4.4 Zesumme mam ORT Guttland baue mir déi touristesch Offer an der Gemeng weider aus (z.B. Wanderweeër, regional Eventer, etc.). 4.5 Mir organiséieren den Alles op de Vëlo am Mamerdall zesumme mat de Gemengen Mamer a Miersch.

5. 5.1.1 Mir stellen e Parkraumkonzept op. 5.1.2 Dozou gehéiert e Parkingsreglement, wat dat auswäerteg Parkverhale besser reguléiert. 5.2.1 Mir gesinn zousätzlech Opluetstatioune fir Elektroautoen a 5.2.2 Stellplaze fir de Vëlo vir. 5.3 Mir verréngeren Dauerstellplaze bei der Schoul 5.4 a féiere gläichzäiteg e "Kiss and Go" an. 5.5 Mir stellen een oder zwee Agents municipaux an.

## C. KANNER A JUGENDLECHER

1. Kanner a Jugendlecher sinn d'Zukunft, dofir stelle mir bei all onsen Iwwerleeunge weiderhin hiert d'Wuel an de Mëttelpunkt.

2. Mir investéieren an d'Infrastrukture fir Kanner a Jugendlecher. 2.1 Mir bauen déi nei Extensioun vun der Maison Relais an der John-F.-Kennedy-Strooss 2.2 an eng nei Extensioun vun der Grondschoul an der Schoulstrooss. Esou schafe mir weider Plaze fir d'Kanner aus der Grondschoul. 2.3 Mir vergréisseren d'Crèche "Botterblumm". Dozou gehéiert e Beweegungsraum vun 100 m². 2.4 Mir bauen en neit Jugendhaus um Briddel.

3. Mir ënnerstëtzen d'Schoulorganisatioun mat Hëllef vu kommunale Mëttelen. 3.1 Mir bauen den Appui fir Kanner aus der Grondschoul weider aus (Aurékids, Appui an der Mathé a besonnesch am Däitschen oder Franséische fir Kanner, déi doheem guer keen direkte Bezuch zu enger vun deenen zwou Sproochen hunn). 3.2 Mir setzen ons dofir an, datt all Kand an der Schoul no senge Bedürfnisser betreit an integréiert gëtt. 3.3 Mir iwwerschaffen an erhéijen d'Primme fir Schüler déi en Diplom am Secondaire kritt hunn.

4. Mir froen Kanner an Jugendlecher hir Meenung. 4.1 Mir maache reegelméisseg Ëmfroen zu bestëmmten Themen an der Schoul 4.2 an iwwerdenken, zesumme mam Schoulcomité, d'Roll vum Schülerparlament. 4.3 Donieft féiere mir zesumme mam Jugendhaus e Jugendgemengerot an. D'Schüler an d'Jugend solle méi staark bei Projeten agebonne ginn, déi si betreffen.

5. Mir setzen ons fir d'Wuelbefannen an déi net-formal Bildung vun de Jonken aus onser Gemeng an. 5.1 Mir finanzéiere Projeten an der Grondschoul an am Jugendhaus, déi zur Erzéiung zur Nohaltegkeet an Themen, wéi Fairtrade, Natur, Waasser, Bësch, Gaart, Klimabündnis, etc. bäidroen. 5.2 Donieft féiere mir d'"Ateliers de Kopstal" fir ons Kanner vu 6 bis 12 Joer an. Doduerch fërdere mir Kultur, Konscht, Theater an aner Talenter schonn a jonkem Alter. 5.3 Mir iwwerschaffen de Manifestatiounskalenner fir Kanner, wou e 5.3.1 Kannerfloumaart, 5.3.2 e grousst Schoulfest, 5.3.3 eng Kiermes zu Koplescht, 5.3.4 de Chrëschtmaart mam Kleeschen an 5.3.4 eng Kannerfuesparty hir fest Plaz fannen.

6. Mir ënnerstëtzen d'Museksschoul weider (UGDA). 6.1 Mir kafe verschidden Instrumenter, déi Kanner léine kënnen, wann se an der Museksschoul ageschriwwe sinn. 6.2 Mir gesinn an der Schoul um Briddel extra Säll fir, wou mir d'Museksschoul organiséieren an och weider ausbauen.

7. Mir ginn der jéngster Generatioun Plaze fir sech auszetoben. 7.1 Mir erneieren a bauen ons Spillplaze konsequent aus. 7.2 Mir organiséiere Kannerschwammen (stages de natation) 7.3 an aner sportlech Stagen zesumme mat de lokale Partner.

## D. ËMWELT, KLIMASCHUTZ A WUELBEFANNEN

1. Mir ginn all onse Bierger d'Méiglechkeet, selwer Projeten zum Thema Liewensqualitéit an onser Gemeng virzeschloen. 1.1 Heifir organiséiere mir all Joer e Concours fir déi beschten Iddien a gesinn en extrae Budget vir (z.B. Bau vun enger Infrastruktur, Verschéinerung vun enger Plaz duerch Neibeplanzen). 1.2 Bei grousse Projeten an der Gemeng wäerte mir ons Awunner weider iwwert Biergerbedeelegung aktiv abannen. 1.3 Mir optimiséiere d'Gemengeservicer weider, 1.3.1 besonnesch a Punkto virtuelle Guichet, 1.3.2 Transparenz a Publikatioun vun de Gemengegesetzer a -reglementer, 1.3.3 Energieberodung, 1.3.4 esou wéi duerch d'Installatioun vun zwee elektroneschen Informatiounspanneauen.

2. Mir suergen dofir, datt ons Gemeng eng gréng Oas bleift, wou d'Natur an

den Territoire respektéiert ginn. 2.1. Mir reamenagéieren d'Gréngzone vun der Gemeng. 2.2 Mir schafe Gemengegäert, déi un d'Bierger verpacht kënne ginn a vun enger sozialer ASBL gefouert an ënnerhale ginn. Gaardegeschier soll hei gedeelt ginn. 2.3.1 Mir schafen all gemengeneege Kiselgäert of 2.3.2 an entsigelen, wou mir kënnen, ëffentlech Plazen. 2.4 Mir studéieren d'Méiglechkeet vun engem iessbare Bësch (food forest). 2.5 Mir bauen déi ekologesch Subsiden aus.

3. 3.1 Mir wëlle bis 2029 op d'mannst eng Zertifizéierung vun der Stuf 3 am Klimapakt an 3.2 op d'mannst eng Zertifizéierung vun der Stuf 2 am Naturpakt erreechen. 3.3 Mir bleiwen eng Fairtrade Gemeng, 3.4 Member vum Klimabündnis Lëtzebuerg, 3.5 Member vum COPIL "Mamer-Äischdall-Gréngewald". 3.6.1 Mir gi bioregionale Produiten a Servicer e Virrang op onsem Maart 3.6.2 an iwwer de SICONA-Projet "Natur genéissen" an der Kiche vun der Maison Relais. 3.7 Esou wäit ewéi méiglech, organiséiere mir ons Manifestatiounen als offallfräi Green Events.

4. Mir wëlle konsequent d'Notzen vun net fossillen Energiequellen ënnerstëtzen. 4.1 Mir analyséieren d'Méiglechkeet vun Energie-Réckgewënnung beim Brauchwaasser vun der Kläranlag. 4.2 Mir bauen ons Photovoltaikanlagen weider aus. 4.3 Mir féieren en intelligent Funknetzwierk (LoRa-WAN) mat elektronesche Compteuren an, dat et der Gemeng an de Bierger erlaabt, den Energie- a Ressourcëverbrauch besser ze erhiewen an ze steieren. 4.4 Mir préifen d'Aféiere vun engem gestaffelte Waasserpräis, dee besonnesch Famillje mat Kanner entlaascht. 4.5 Mir féieren en Offallsreglement an, dat de Recycling an d'Offallvermeidung belount.

5. Mir setze weiderhi Mesuren am Héichwaasserschutz ëm: 5.1 Opstelle vu Faschinen, 5.2 Amenagementer vun de Griechten, 5.3 Fërderung vu private Retentiounen, etc. 5.4 Mir plangen déi 4. Stuf vun onser Kläranlag (biochemesch Behandlung). 5.5 Mir verhandele mat der Stad Lëtzebuerg fir méi Kopleschter Waasser an onsen Drénkwaasserreseau anzespeisen. 5.6 Fir d'Mamer besser ze schützen, grënne mir mat de Gemenge Mamer a Miersch eng Flossgenossenschaft.

6. Mir setzen ons dofir an, datt d'Krittäre vun der 6.1 Ëmweltfrëndlechkeet an der 6.2 Energieeffizienz beim Bau an der Sanéierung vu Gemengegebaier respektéiert ginn. 6.3 D'Gemeng muss an de Beräicher $CO^2$-Neutralitéit, Kreeslafwirtschaft, Nohaltegkeet an Energieeffizienz beim Holz- oder Betonbau, etc. eng Virreiderroll spillen, och wann et munchmol méi deier ass.

## E. SOZIALES A KULTUR

1. Mir ënnerstëtze weiderhin den abordabele Wunnengsbau um Terrain vun der Gemeng. 1.1 Mir schafe Sozialwunnengen am Gewännchen am Kopleschter Duerfkär. 1.2 De soziale Wunnengsbau bleift an ëffentlecher Hand. 1.3 Mir ënnerstëtze weiderhin d'Integratioun vun den Demandeurs de protection internationale (DPI) an 1.4 den ukrainesche Flüchtlingen, déi bei ons an der Gemeng wunnen.

2. Mir setzen ons konsequent dofir an, datt eeler Leit esou laang wéi méiglech an hirem vertrauten Ëmfeld wunne bleiwe kënnen. Dofir baue mir d'Servicer, d'Weiderbildungsoffer an d'Fräizäitméiglechkeete fir Seniore weider aus (z.B. 2.1 Gemengeconciergerie, 2.2 Iessen op Rieder, 2.3 Rentnerfeier, 2.4 Coursen, 2.5 Busnavette, 2.6 Ausflich, 2.7 Servicer vum CIGL, 2.8 en eventuelle Seniorentreff). 2.9 Mir setzen ons op der Schanz dofir an, datt Wunnenge fir Seniore gebaut ginn, déi a Gemengenhand bleiwen.

3. Mir sti weiderhi fir d'Ëmsetze vum Pakt vum Zesummeliewen. Doraus ergëtt sech e kommunalen Integratiounsplang mat spezifesche Projeten, déi lokal ëmgesat ginn (z.B. 3.1 Welcome-Brunch, 3.2 Dag vun den neie Lëtzebuerger, 3.3 Integratioun vun de Flüchtlingen, 3.4 Sproochecourse fir Flüchtlingen, 3.5 Coursen iwwer Officeprogrammer, 3.6 Opstelle vun enger Welcome-Broschür, etc.). Heibäi bleift et wichteg, datt ons Awunner mat oder ouni Immigratiounshannergrond zesumme schaffen, fir e gudden internationalen an interkulturellen Austausch weider ze erhalen.

4. Zesumme mam Office social (OSCM) ënnerstëtze mir Bierger vun all Alter, déi existenziell Problemer hunn. 4.1 Mir ginn hinnen Informatiounen a 4.2 bidde punktuell Hëllef un. 4.3 Wa sozial Primme vum Staat ausbezuelt ginn, si mir kloer dofir, datt d'Gemeng weiderhin en zousätzlechen Deel bäileet (z.B. Gromperegeld oder Energieprimm).

5. Mir bauen déi kulturell Offer an der Gemeng weider aus an 5.1 ënnerstëtzen d'Kulturasbl substantiell. 5.2 Mir organiséieren all Joer e grousse Chrëschtmaart, 5.3 en thematesch Schoulfest fir d'Kanner an hir Familljen, 5.4 d'Fête de la musique, 5.5 de KoBri-Rallye an vill aner Manifestatiounen. 5.6 Mir maachen an engem Joer zwou Editioune vun den "Ateliers de Kopstal".

6. Mir ënnerstëtze weiderhin d'Clibb an d'Veräiner aus der Gemeng mat 6.1 Subsiden a 6.2 materiellen Uschafungen déi si bei der Gemeng ausléine kënnen (z.B. 6.2.1 Bar op Rieder, 6.2.2 Spullweenchen, 6.2.3 Toilettewon). 6.2.4 Mir préifen, ob et Sënn mécht, datt privat Leit dës nei Uschafungen och ausléine kënne sollen. 6.3 Mir vereinfachen de Locatiounssystem vun de Säll, déi d'Gemeng verlount.

7. Mir ënnerstëtzen den Zesummenhalt an der Noperschaft a 7.1 schafen, Plazen am ëffentleche Raum, wou een sech treffe kann, wéi z.B eng Grillplaz. 7.2 Mir stellen onsen Awunner eng Noperschaftsapplikatioun (z.B. Hoplr) zur Verfügung, déi hinnen et vereinfacht, fir mat hire Noperen a Kontakt ze trieden an ze bleiwen, Géigestänn auszeléinen oder ze deelen, ëm Hëllef ze froen oder sech géigesäiteg iwwer Aktivitéiten an der Noperschaft um Lafenden ze halen.

*CSV Koplescht Briddel - DP Koplescht Briddel*

## KONSULTATIV KOMMISSIOUNEN

1. Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen
2. Finanzkommissioun
3. Kommissioun fir d'Mobilitéit an Verkéierssécherheet
4. Sportskommissioun
5. Kommissioun fir d'Planung vum Briddeler Zentrum
6. Kommissioun fir d'Planung vum Duerfkär zu Koplescht
7. Bautekommissioun
8. Kommissioun fir Soziales a Wuelbefannen
9. Schoulkommissioun
10. Ëmwelt- a Klimakommissioun

La déclaration échevinale et l'accord de coalition 2023-2029 peuvent être consultés en langue française sur le site web de la commune.

www.kopstal.lu

The declaration by the aldermen and the coalition agreement 2023-2029 can be consulted in English on the commune's website.

Koplescht Briddel

Administration communale de Kopstal
28, Rue de Saeul
L-8189 Kopstal
**www.kopstal.lu**
CommunedeKopstal